1958 / 2008

D'Zukunft vun **Europa** finanzéieren

An deene leschte fënnef Joer (2003-2007) huet d'Europäesch Investitiounsbank (BEI) 203 Milliarden EUR un Investitioune bereetgestallt, besonnesch an deene méi aarme Regioune vun Europa an an de neie Memberstaate vun der Europäescher Unioun. Mat dëse Finanzmëttel goufe Projeten an deene folgende Beräicher ënnerstëtzt: Fuerschung, Entwécklung an Innovatioun, Stroosse- an Bréckebau, Trammen, grouss a kleng Industriebetriber an Entreprisen, Offallbehandlung, Waasserversuergung, Programmer fir erneierbar Energien, Schafe vu Wunnengen a Spideeler.
Vun deene Mëttel waren insgesamt 23 Milliarden fir d'EU-Aussenhëllef a goungen un d'Länner vun der Erweiderungsregioun a Südosteuropa, un d'europäesch Nopeschlänner am Süden an am Osten, un d'Staaten aus dem Afrikaneschen, Karibeschen a Pazifische Raum, u Latäinamerika an un Asien.

Engagement fir d'EU-Ziler

D'BEI gouf 1958 duerch den Traité vu Roum geschaf, zur selwechter Zäit wéi déi aner Institutiounen, deemools nach d'Europäesch Wirtschaftsgemeinschaft (EWG), fir zur Ëmsetzung vun der EU-Politik bäizedroen.

D'Roll vun der BEI ass et, Prêten bereetzestellen. Si finanzéiert sech net iwwert e Budget mä andeems se Suen op de Kapitalmäert léint. D'Europäesch Kommissioun geréiert Bäihëllefe vun der EU, besonnesch d'Strukturfongen. D'BEI kofinanzéiert oft Projeten zesumme mat der Kommissioun.

D'BEI ass eng onofhängeg Institutioun vun der Unioun, déi de Memberlänner direkt gehéiert. D'Aufgaben, d'Verwaltung an d'Kontroll vun der Bank si ganz kloer am EU-Traité an an hire Statuten definéiert, déi dem Traité als Protekoll bäigefügt sinn.

D'BEI schafft enk mat den aneren EU-Institutiounen zesummen, besonnesch mam Europaparlament, dem Europäesche Rot an der Europäescher Kommissioun. Si féiert e stännegen an oppenen Dialog mam Europäesche Parlament an hëlt un de Reunioune vun de Parlamentskommissiounen deel, haaptsächlech un deene vun der Commission des affaires économiques et monétaires. De President vun der BEI hëlt och un de Parlamentssëtzungen deel.

Finanziell Ënnerstëtzung fir déi prioritär politesch Ziler vun der EU

D'BEI investéiert prioritär a Moossnahmen, déi:

- de wirtschaftlechen a sozialen Zesummenhalt an der EU-27 als iewescht Prioritéit förderen;
- d'Innovatioun am Kader vun der Initiative „ Innovation 2010" (fir Fuerschung, Entwécklung an Innovatioun, d'Ausbildung vum „Capital humain", Netzwierker fir Informatiouns a Kommunikatiounstechnologie) förderen an zur Ëmsetzung von der „Lissabon-Strategie" (Europäesche Rot, 2000) bäidroen;
- den Ausbau vun den transeuropäeschen Transportnetzer (TEN-Ts), besonnesch am Kader vun den „Aktioune fir Wirtschaftswuesstem" vum Europäesche Rot (Dezember 2003) ënnerstëtzen;
- zum Ëmweltschutz bäidroen;
- d'Investitioune fir d'Kleng- a Mëttelbetriber (PME) duerch hir Lignes de crédit ënnerstëtzen;
- nohalteg, kompetitiv a sécher Energiequelle stäerken;
- d'EU-Entwécklungs- a Kooperatiounspolitike mat Partnerlänner, besonnesch mat de Mëttelmierregiounen, de Länner aus dem Afrikaneschen, Karibeschen a Pazifesche Raum ënnerstëtzen.

D'Qualitéit an Nohaltegkeet vu Projeten assuréieren

Ier d'BEI iwwert Finanzéierungen decidéiert, mécht si eng ausféierlech Evaluatioun vun der wirtschaftlecher, technescher a finanzieller Realiséierbarkeet souwéi der Ëmweltfrëndlechkeet vun all Projet. Dozou gehéiert eng Evaluatioun vum Bäitrag, deen de Projet zur Ëmsetzung vun der EU-Politik leescht.

Europäesch Investitiounsbank

ISBN 978-92-861-0738-2
9 789286 107382

Weider Informatiounen

Abteilung Kommunikatioun
100, boulevard Konrad Adenauer – L-2950 Luxembourg
(+352) 43 79 - 22000 (+352) 43 79 - 62000
www.eib.org – info@eib.org

D'Bank léint souwuel un ëffentlech wéi privat Promoteuren. Si finanzéiert grouss Investitiounsprogrammer mat engem Betrag vu méi wéi 25 Milliounen EUR direkt. Méi kleng Investitioune ginn indirekt iwwert Finanzaccorden mat de lokale Banken (Lignes de crédit) ënnerstëtzt.

Finanziell Avantagen, déi d'Bank offréiert

D'Kreditwürdegkeet vun der BEI ass exzellent (AAA), si léint weltwäit Suen op de Kapitalmäert zu gënschtege Konditiounen, haaptsächlech iwwert d'Emissioun vun Obligatiounen. Si ass net gewënnorientéiert a leet dës Mëttel mat enger klenger Marge, fir d'Betribskäschten ze decken, un d'Promoteure vun de Projeten weider. D'BEI accordéiert laangfristeg Prêten – 5-20 Joer oder méi, jee no Investitioun – a Form vu grousse Beträg an EUR, USD, GBP a villen anere Währungen.

D'Bank léint bis zu 50 % vun de Projetskäschten (am Duerchschnëtt 30 %) a wierkt als Katalysator, andeems se aner Finanzakteuren encouragéiert, sech ze bedeelegen.

E puer Zuelen

Aktivitéiten 2007	**EUR**
Total: Finanzementer	**47,8 Milliarden**
Europäesch Unioun	41,4 Milliarden
Partnerlänner	6,4 Milliarden
Total: geléinte Suen	**54,8 Milliarden***
Total: nach néideg Prêten	**324,8 Milliarden**

(Situatioun: 31/12/07)

* *Ressourcen, déi ënnert der „Global borrowing authorisation" fir 2007 beschaaft goufen, dorënner och e „Pre-funding" vu 77 Milliounen, deen am Joer 2005 ofgeschloss gouf.*

Direktioun a Verwaltung

Déi 27 Memberstaaten sinn Aktionäre vun der BEI an zeechnen hiert Kapital, dat am Moment bei ca. 165 Milliarden EUR läit. Nëmme 5 % vum Kapital sinn abezuelt.

D'Bank ass responsabel vis-à-vis vum Conseil vun de Gouverneuren, dee sech aus de Ministere vun den EU-Memberstaaten, an der Regel de Finanzministeren, zesummesetzt. D'Gouverneure bestëmmen e Verwaltungsrot, deen aus Vertrieder vu verschiddene Memberstaate besteet an onofhängeg ass, an en Direktiounscomité. D'Direkteren entscheeden, wie Sue geléint kritt a wou Sue geléint ginn souwéi iwwer Strategien, déi de Verwaltungsrot hinne virschléit.

Kontrollen an Evaluatioun

D'BEI ënnerläit den normale Kontrollen, déi fir international Institutiounen a Banke gëllen, dozou gehéieren en zousätzlechen internen Audit, Finanzkontroll- a Kreditrisikofunktiounen an en Audit vun engem internationalen externen Auditeur. Dëst gëtt vun engem onofhängegen Auditcomité, dee vun de Gouverneuren ernannt gëtt a vis-à-vis vun dëse responsabel ass, iwwerwaacht.

Den Europäesche Rechnungshaff iwwerpréift sämtlech Transkatiounen, un deene Mëttelen aus dem EU-Budget an EU-Garantien bedeelegt sinn.

Déi fir d'Evaluatioun vun den Transaktioune vun der Bank zoustänneg Abteilung informéiert de Verwaltungsrot iwwert d'Efficacitéit vun de Prêten vun der Bank.

D'BEI ënnerläit den nationale Geriichter an dem Europäesche Rechnungshaff. Wéi déi aner EU-Institutioune fält d'Bank ënnert d'Juridictioun vum Europäeschen Ombudsmann an dem OLAF (Office européen de lutte anti-fraude).

Transparenz

D'BEI leet grousse Wäert op Transparenz a wëllt domat zur Erreechung vun de politischen Ziler vun der EU bäidroen. D'Transparenzpolitik vun der BEI versicht en Equiliber ze fannen tëschent dem Weiderginn vu méiglechst villen Informatiounen an hirer Verflichtung als Bank, déi legitim kommerziell a maartorientéiert Interesse vun hire Geschäftspartner ze schützen.

D'Bank féiert en intensiven a transparenten Dialog mat den EU-Bierger, besonnesch duerch hier enk Kontakter mam Europäesche Parlament an de Vertrieder vun der Zivilgesellschaft.

De BEI-Grupp

Den Europäeschen Investitiounsbank-Grupp besteet aus der BEI an dem Europäeschen Investitiounsfonds (EIF). Den EIF ass en Joint Venture, dat aus der BEI (Majoritéit), der Europäescher Kommissioun an europäesche Finanzinstitutioune besteet.

Den EIF gouf 1994 geschaf an agéiert als Instrument vun der BEI fir Risikokapitalinvestitiounen fir d'Kleng- a Mëttelbetriber (PME). Den EIF investéiert a Risikokapitalfongen fir Betriber, déi schnell expandéieren oder am Secteur vun den neien Technologien täteg sinn. E bitt de PME och Portfoliogarantien fir Banken, déi laangfristeg Prêten fir Klengbetriber ginn.

Enn 2007 hu sech d'Bedeelegunge vum EIF u Risikokapitalfongen op 4,4 Milliarden EUR belaf an de Volume vun den nach net geleeschte Garantien op 11,6 Milliarden EUR.

© EIB 05/2008 – QH-X1-06-005-LB-C © Grafikatelier vun der BEI